N°1871
Entrée le 27.02.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro N° 1871 vum 30. Januar 2025 vun der Madamm Deputéiert Alexandra Schoos an dem Här Deputéierte Jeff Engelen iwwer d'Suppressioun vum Passage à Niveau zu Dummeldeng.**

Déi honorabel Deputéiert stelle Froen iwwer d'Ofschafe vum Zuchiwwergank zu Dummeldeng.

Wéi bei all Suppressioun vun engem Zuchiwwergank, kuerz PN, gëtt studéiert, souwuel fir de motoriséierte Verkéier ewéi och fir d'Foussgänger*innen an d'Vëlosfuerer*innen, eng méiglechst attraktiv Alternativ ze schafen. Op der vun den honorabelen Deputéierte genannter Plaz zu Dummeldeng, ass wéinst der Proximitéit zu der Bréck iwwer d'Uelzecht keng Ënnerféierung fir de motoriséierte Verkéier méiglech. Ausserdeem ass hei ze betounen, dass d'Iechternacher Strooss (N11) schonns Mëtt den Achtzeger Joren op déi haiteg Ëmgeeungsstrooss vun Dummeldeng ëmgeluecht gouf, a säitdeem fir de motoriséierte Verkéier d'Haaptverbindung duerstellt. Ënnerféierunge fir Foussgänger*innen a Vëlosfuerer*innen si manner breet a manner déif ewéi déi fir de motoriséierte Verkéier. Esou eng Ënnerféierung, déi fir d'Awunner vun de Quartieren Dummeldeng an Eech wichteg ass, kann nieft där aktueller Barrière amenagéiert ginn, an zwar ausserhalb vun engem 100-Järegen Héichwaassereregnis (HQ100).

Et läit keng Zielung iwwert de motoriséierte Verkéier, deen de PN op der Gare zu Dummeldeng notzt, fir. D'Iwwerwaachungskamera vum PN déi d'Beweegunge vu Vëlosfuerer*innen a Foussgänger*innen erfaasst, huet awer am Joer 2020 an engem Dag 1 295 Iwwergäng an -faarte gezielt (1 174 Foussgänger*innen an 121 Vëlosfuerer*innen), dovunner eng 31 ënner geféierlechen Ëmstänn. Dëst weist ëmsou méi, wéi wichteg et ass dëse PN duerch eng sécher Alternativ ze ersetzen.

Et sief drun erënnert, dass des Barrière duerchschnëttlech 40 Minutten an der Stonn zou war, reegelméisseg bis zu 7 Minutten um Stéck. Den zouverlässegen Accès vun der Iechternacher Streck an d'Stad ass also och elo schonn, wéi gesot, deen iwwert d'Eecher Plaz.

Wéi och schonn uewen duergeluecht, ass a bleift d'Haaptverbindung Stad - Iechternach, d'Ëmgeeungsstrooss vun Dummeldeng (N11).

Donieft ass ze bemierken, dass d'rout Luuchten op der Kräizung N7/N11 (Rue d'Eich/Rue Auguste Laval) vun der Stad Lëtzebuerg geréiert ginn an net vun der Stroossebauverwaltung.

Lëtzebuerg, den 27. Februar 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit
an ëffentlech Aarbechten
(s.) Yuriko Backes